Mat Häerz a Séil

fir eis Gemeng Käerjeng

DEMOKRATESCH PARTEI

Käerjeng

DP-KANDIDATEN FIR KÄERJENG

Duerchschnëttsalter: 38 Joer

18 - 24 Joer	■■■
25 - 34 Joer	■■■■
35 - 44 Joer	■■■
45 - 54 Joer	■■■
55 - 64 Joer	■■

Nidderkäerjeng	■■■■■■■■■■
Uewerkäerjeng	■
Kënzeg	■■■■

Trefft eis Kandidaten op der Braderie,
den 1. Juli zu Käerjeng

Gary Kneip
Diplom-Ingenieur,
Geschäftsmann, Vizepresident vun der DP Käerjeng,
61 Joer, Nidderkäerjeng



Nico Funck
Eisebunnsbeamten,
Gemengeconseiller,
44 Joer, Nidderkäerjeng

Nico Fanck
Informatiker, Geschäftsmann, President vun der DP Käerjeng,
62 Joer, Nidderkäerjeng

Kevin Funck
Universitéitsstudent,
22 Joer, Nidderkäerjeng

Peddy Geschwind
Biolog, Geschäftsmann,
31 Joer, Kënzeg



Diana Gomes
Studentin,
19 Joer, Nidderkäerjeng



Jérôme Hautus
Opérateur de l'environnement et de la forêt,
22 Joer, Kënzeg



Sandra Jeitz-Schroeder
Bankbeamtin,
38 Joer, Nidderkäerjeng



Gilles Kirsch
Opérateur de l'environnement et de la forêt,
30 Joer, Kënzeg

Steve Marteng
Ingenieur, Beamten an der Ëmweltverwaltung,
36 Joer, Uewerkäerjeng

Monique Micarelli-Ninin
Gemengebeamtin,
48 Joer, Nidderkäerjeng



Melanie Neu
Postbeamtin,
27 Joer, Nidderkäerjeng

Olivier Schroeder
Agronom,
31 Joer, Kënzeg



Christiane Tempels
Expert comptable,
Indépendante,
51 Joer, Nidderkäerjeng

Raymond Zeyen
Geschäftsmann,
46 Joer, Nidderkäerjeng

Ons Kleng si fir ons keng Klengegkeet

D'Kanner sinn eis Zukunft, d'DP Käerjeng setzt sech dofir fir eng héichwäerteg Kannerbetreiung och baussent de Schoulzäiten an. Dobäi stinn d'Qualitéit an d'Proximitéit am Virdergrond. Ons Zil ass et d'Kanner net nëmmen ze versuergen, mä si och an hirer perséinlecher Entwécklung z'ënnerstëtzen an ze stäerken, dozou setze mir op de Sport an d'Musek an d'Veräinsliewen.

Lëtzebuerg kann alles erreechen. Ze Fouss, mam Bus, Zuch, Vëlo an Auto

Een effikassen ëffentlechen Transport a fléissende Verkéier, ouni Schläichverkéier, ouni onnéidege Kaméidi a Belaaschtung, ass fir ons eng Prioritéit. D'DP Käerjeng setzt sech dofir energesch fir de Bau vum Contournement an, a wëll zousätzlech nei Léisungen zur Verkéiersproblematik op den Dësch leeën.

Ouni gesond Finanze geet et net !

Mat dem eemolege Budget fir d'Fusioun vu Käerjeng a Kënzeg ass an der Vergaangenheet vill gebaut ginn. D'DP Käerjeng setzt sech fir gesond Gemengefinanzen an, a wëll eng streng a kompetent Budgetspolitik maachen, ouni den Déngscht um Bierger anzeschränken an ouni d'Zukunftsinvestitiounen a Fro ze stellen.

Zesumme wunnen, zesumme liewen an eiser Gemeng

Niewent dem Schafe vu neiem Wunnraum sollen och d'Gréngflächen an d'Erhuelungsraim an onser Gemeng erhalen a weider ausgebaut ginn. Déi jonk an eeler Leit aus der Gemeng sollen d'Méiglechkeet kréien hei wunnen ze bleiwen, dofir schloe mir nei Konzepter vir.

Seniore sinn an eiser Gesellschaft eng ëmmer méi grouss a wichteg Grupp, dofir huet eis kommunal Planung grouss Erausfuerderunge virun sech : op der enger Säit gëtt et Senioren déi aktiv am Liewe stinn a sech no hirem Beruffsliewen nei Aufgabe sichen, op der anerer Säit gëtt et Senioren déi op Hëllef an Ënnerstëtzung ugewise sinn. D'DP Käerjeng mécht fir dës zwou Gruppen eng individuell adaptéiert Politik.

D'Veräiner stellen d'Réckgrat vun eisem soziale Liewen an der Gemeng duer, dofir garantéiert d'DP de Veräiner eng grouss Ënnerstëtzung.

Fir d'DP Käerjeng muss eis Gemeng selwer a Froe vun Ëmweltschutz virgoen an sech konkret Zieler ginn. Mir wëllen eis verstäerkt ëm d'Ausgesinn vun eiser Gemeng këmmeren.